N°289
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 289 vum Här Deputéierte Marc Goergen zum Sujet „Hommage à l'ancien bourgmestre de Grevenmacher“**

Fro 1

Un de Fraise vun der Feier hunn de Syndicat d’initiative an d’Gemeng vu Gréiwemaacher, déi aktuell Buergermeeschtesch an de fréiere Buergermeeschter an aktuellen Inneminister participéiert.

Fro 2

D’Feier huet am Ganze 5412,28 EUR kascht. Dovu waren à charge vun der Gemeng 2.113,35 EUR, vum Syndicat d’initiative 1.341,43 EUR, vun der aktueller Buergermeeschtesch 1.012,50 EUR a vum fréiere Buergermeeschter an aktuellen Inneminister 945 EUR.

Fro 3

Et hunn e puer Leit vun der Gemeng a vum Syndicat d’initiative un der Organisatioun vun der Feier matgeschafft.

Fro 4

Et ass eng langjäreg Traditioun zu Gréiwemaacher, wéi och am allgemengen zu Lëtzebuerg, fir op lokalem Niveau déi Perséinlechkeeten ze éieren, déi een ëffentlecht Mandat ugetruede oder ausgeüübt hunn.

D’Feier, déi zu Gréiwemaacher den 28. Januar 2024 stattfonnt huet, ass vum Syndicat d’initiative an der Gemeng zesummen organiséiert ginn. Et sinn engersäits déi lokal Gewielten, déi no de Gemengewale vum Juni 2023 an no de Chamberwale vum Oktober 2023 nei Fonctiounen an der Gemeng oder an der Regierung kritt hunn, geéiert ginn, an anerersäits déi, déi aus hire Fonctiounen ausgescheed sinn.

Ee Vertrieder vun der lokaler Sektioun vun der Partei “Piraten” war och op der Feier present.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden